N° 249
Reçue le 19.10.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 19.10.2021 wéilt ech dem Minister fir Sport eng mëndlech Fro stellen.

Mat engem rezente Schreiwes vum Sportminister goufen d'Delaië fir sech engem Examen médico-sportif ze ënnerzéie ëm ee Joer verlängert.

Konkret heescht et, dass Verlängerungen néideg wieren "[e]n réaction à l'engorgement des centres médico-sportifs, qui se voient actuellement confrontés à un nombre de demandes dépassant largement leurs capacités".

Fir der grousser Demande besser gerecht kënne ze ginn, gouf et och schonns veier Dokteren erlaabt, an hirem Cabinet d'Médicos-Analysen duerchzeféieren. Am Schreiwes vum Minister steet heizou: "Il n'est pas exclu que d'autres cabinets médicaux dûment agréés s'ajouteront à cette liste en cours d'année."

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Et ass net déi éischte Kéier, dass d'Delaië verlängert goufen. Wat war den Impakt vun de viregte Verlängerungen op d'Iwwerlaaschtung vum Médico?
- Wat gëtt sech vun der aktueller Verlängerung erhofft? Bis wéini gëtt ugeholl, dass d'Iwwerlaaschtung iwwerbréckt ass?
- Wat fir Krittäre muss en Dokter a sengem private Cabinet erfëllen, fir Examens médico-sportifs dierfen durchzeféieren?
- Wéi vill Doktere sollen am Laf vum kommende Joer nach d'Recht kréien dës Analysen an hirem Cabinet ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député